ADRenalin

# "Projet Alpha: Spléckung amplaz Integratioun"

*Pressematdeelung vum 30. September 2025*

Vill Jonker fuerdere méi Lëtzebuergesch an de Schoulen, am ëffentleche Raum an och an den Institutiounen. Ze dacks trëppelt een duerch eist Land, an et gesäit ee lauter Schëlder, Beschreiwungen, Plakater an Informatioune just op Franséisch.

Eist Land huet eng national Sprooch, an zwar Lëtzebuergesch. Dës wichteg Tatsaach gëtt awer an der Realpolitik vum Educatiounsminister Claude Meisch weder ënnerstëtzt nach gestäerkt. An der Realitéit geschitt nämlech de Géigendeel: Mam Projet Alpha, dee vun der Rentrée 2026 un eng Optioun fir eng Alphabetiséierung op Franséisch an eise lëtzebuergesche Grondschoule virgesäit, erreeche mir als Land keng Integratioun vu Klengem un, mee eng Spléckung, eng Desintegratioun an d'Opkomme vu Parallelgesellschafte vu Klengem un.

Dozou kënnt, datt de Projet Alpha am Zesummenhank mat der staarker Migratioun an eist Land eng Opléisung vun eiser Sprooch, Kultur an Traditioun beschleunege wäert.

Eis Sprooch ze stäerken ass mei ewéi just e Geste: Et ass d'Erhale vun deem, wat mir sinn.

Dofir eisen Appell un den Här Minister Claude Meisch: Eppes ze zerstéieren, dat geet séier. Eppes opzebauen, dat brauch Zäit an Engagement. Stoppt dëse Projet a setzt Iech mat Vernonft dofir an, eis Nationalsprooch wierklech ze stäerken. Déi Jonk wieren Iech dankbar.